ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 27. Februar 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bauteminister weiderzeleeden.

D'Vëlospasserelle ënnert der neier Bréck war elo kierzlech de Mëttelpunkt vun enger Aktioun, bei där si mat geheekelten Häerzer verschéinert ginn ass. Tëschent den Häerzer waren awer och déi éischte Schlässer ze fannen, déi vu jonke Koppelen do als Zeeche vun hirer Léift ubruecht gi sinn. Dës goufen an der Tëschenzäit awer nees ewechgeholl. Et ass just dee Brauch, deen zu Paräis, wou e warscheinlech jo entstanen ass, fir Gefor a vill Aarbecht suergt. Ëmmer nees ginn do Schlässer ewech gemaach, an da kommen erstaunlech 40 Tonne Schrott, nëmme fir d'Grillen um Pont Neuf, un der Statu vum Henri IV an op der Spëtzt vun der Ile de la Cité (Artikel vum «Le Parisien», http://www.leparisien.fr/paris-75/paris-40-tonnes-d-amour-a-la-ferraille-03-04-2018-7644360.php). 2014 war esouguer d'Gelänner vum Pont des Arts an d'Seine gefall, esou beluede war et mat deene Schlässer.

Duerfir wéilt ech dës Froen un de Bauteminister stellen:

1. Ass bei de Berechnunge fir d'Vëlospasserelle ënnert der Adolphesbréck un d'eventuell Méibelaaschtung duerch esou Klauschtere geduecht ginn?
2. Wéi vill därer Schlässer kann d'Passerelle verkraaften, an zwar um Niveau vum Drotnetz, dat als Sécherheet gespaant ass, um Niveau vun der Passerelle selwer an um Niveau vun de Strukturen vun der Adolphesbréck, un där deen Ensembel hänkt?
3. Ass d'Konstruktioun vun der Passerelle, déi ënnert der Adolphesbréck hänkt, e Modell, dee statesch problematesch ass, oder ass de Risiko vergläichbar mat de Seine-Brécken?
4. Sinn de Wand an eng eventuell ongläich Gewiichtsverdeelung op deenen zwou Säite vun der Bréck Parameteren, déi d'Aschätzung vun der Gefor nach méi komplizéiert maachen?

5. Wat fir eng Belaaschtung fir d'Passerelle gëtt duerch d'Gewiicht vun 1.000 Schlässer verursaacht a wéi vill Schlässer kann d'Konstruktioun an deem Fall problemlos verkraaften?
6. Ass eventuell dru geduecht deen diskreten Drot duerch e visuell méi stéierend Material ze ersetzen, dat d'Ophänke vu Schlässer géing onméiglech maachen?
7. Sollt et an Zukunft néideg ginn, Schlässer aus Sécherheetsgrënn vun der Bréck ewechzemaachen, wien hëlt déi Decisioun a wie féiert d'Aarbechten aus?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten